ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 05. November 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

Mat der Reform vun de Gemengefinanze koum och eng Ännerung, wat d'Finanzéiere vun de Gemengen un de „Fonds pour l'emploi" ubelaangt. Dëst huet bei verschiddene Gemengen eng 20-fach Erhéijung vun deem ausgemaach, wat dës Gemenge bis virun der Reform hu missen abezuelen.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un den Här Banneminister stellen:

1. Opgrond vu wat fir enger Basis a Formel gëtt den neie Beitrag zum „Fonds pour l'emploi" fir d'Gemenge gerechent?

2. Wéi héich ass de gesamte Montant vun deem, wat d'Gemengen all zesummen an de „Fonds pour l'emploi" abezuelen?

3. Wéi deelt sech dëse Montant op déi eenzel Gemengen op?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique